Béthune (F) 2024 / WM der Senioren

Bericht vum Fernand Schmitt vum 17.09.2024

Dënschdeg haut Box 15 am Secteur C.
Ech probéieren e klengen Rapport elo zesummen ze kréien. Fänken dann och direkt un an deelen Iech Gewiichter vun haut mat. 200 bis 700 Gramm. Jo, dir liest richteg. Et ass eng eenzeg Katastroph. U wat et hänkt. Keng Anung. Mir kucken jo och wat déi aner Natiounen esou am selwechten Secteur fänken. An do gesäit een och nëmmen Kappresselen. Am Secteur A soll anscheinend haut gutt gefaang gi sinn.

Eppes fält eis allerdéngs ob. Déi meescht Natiounen trainéieren all ob den Gobie. Mir wëllen eis do e bëssen zeréck halen. Du gesäis wierklech mol deen een oder aneren bei eis déi kucken kommen fir eventuell eppes ze gesinn. Et gëtt probéiert mee net allzelaang. Wéi mer do taktesch eruginn gëtt allerdéngs warscheinlech den Owend an der Sitzung zesummen gekuckt, wéi eis Erungehungsweiss wäert an den nächsten Deeg eraus gesinn.

Muer setzen mer an der Box 29 Secteur E. Et kritt een net vill mat well Secteuren awer relativ weit auserneen leien. Egal Stëmmung ass ëmmer nach formidabel an dat wäert och sécher esou bleiwen.

Hoffen natierlech dass mer muer Besseres ze berichten hunn.

Wei gesot, Streck ass momentan katastrophal. Mee dat ass jo fir all Natioun dann déi selwecht Situatioun.